adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 21. Januar 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Madame Justizminister weiderzeleeden.

De „Service central d'assistance sociale" (SCAS), deen ënnert der Autoritéit vum Parquet schafft, huet och e Service, dee sozial Enquête mécht.

Déi Enquêten hunn dacks e ganz intrusive Charakter. Doduerch bleift et och net aus, datt vill Leit sech iwwert de SCAS beschwéieren. Zum Beispill fäerte vill Leit fir hir Reputatioun op der Aarbechtsplaz, wann de SCAS mat hirem Patron schwätzt. Anerer soen, datt déi Agente vum SCAS, déi heiansdo selwer nach ganz jonk wären an nach net esou vill Liewenserfarung hätten, wuel kaum am beschte gëeegent wären, fir familiär Situatiounen a Problemer ze bewäerten.

Op all Fall ass et wichteg, datt sozial Enquête mat vill Retenue an Taktgefill mussen exekutéiert ginn, fir net onnéideg Schued unzeriichten an d'Vertrauen an d'Justiz net ze ënnergruewen.

Dowéinst wéilte mir der Madame Justizminister gär folgend Froe stellen:

1. Wéi sinn déi genee legal Kompetenze vum SCAS definéiert?
2. Huet de SCAS en Deontologieskodex ?
3. Wéi ginn d'Agente vum SCAS forméiert?
4. No wéi enge Kritäre ginn d'Membere vum SCAS fir hir verschidden Aufgaben erausgesicht?
5. Wéi kontrolléiert de Parquet, datt d'Agente vum SCAS hir Aufgabe mat där néideger Diskretioun a mat Taktgefill erfëllen?
6. Wouhi kënne Leit sech adresséieren, déi sech vum SCAS ongerecht behandelt fillen oder déi mengen, duerch d'Aktioune vum SCAS e Schued erlidden ze hunn, z.B. op hirer Aarbechtsplaz?

7. Wéi dacks ginn déi zoustänneg Instanze mat Reklamatiounen iwwert de SCAS saiséiert a wéi ginn esou Reklamatioune behandelt?
8. Hu Persounen, déi duerch en eventuell net proportionéiert, net justifiéiert oder ze vill intrusiivt Virgoe vum SCAS e Schued erlidden hunn, en Usproch op eng Indemniséierung?
9. Kann eng Persoun, iwwert déi eng sozial Enquête gemaach gouf, Abléck an hiren Dossier kréien? Wa jo, no wéi enge Modalitéiten? Wann nee, firwat net a misst dat dann net geännert ginn?
10. Wou kann eng Persoun sech beschwéieren, wann de SCAS Behaaptungen iwwert si mécht, déi hirer Meenung no falsch sinn oder hir Éier verletzen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten